


COUPE COMMÉMORATIVE

"ANDRE FEDERSPIEL &
ARSENE KOCH"



27. Juli um 20h00: Weiler - Berbourg

28. Juli um 20h00: LORENTZWEILER - Grevenmacher

30. Juli um 16h00: Match fir 3. an 4. Plaz

um 18h00: FINALL



FINALL: Catherine FEDERSPIEL

Match fir 3. an 4. Plaz: Claude WOLFF

FCL

L



TT



**Gewannt fir all Punkt wou de FC Lorentzweiler
an der Éierepromotioun 2023/2024 kritt
e flotte Präis !!!**

**1 Lous an der Trommel kascht
2,5€ pro Punkt**

**3 Lousen an der Trommel kaschte
5€ pro Punkt**



Aschreiwung

PRÄISSER

**1 Meter Béier, flott Corbeillen,
FCL-Fanartikelen,
eng Zoossiss oder Ham,
1 Fläsch Crémant,
Bonge vun eise Sponsoren,
an an an.....**

SPILLPRINZIP

**D'Loustrommel gött fir ALL
PUNKT gedréint an zwar
an der Hallschent vun eisen
Heemmatcher fir
d'Auswärtspunkten an direkt
no eisen Heemmatcher
am Fall vun Heempunkten.**

Den Dekont vun de Beiträg gött jeeweils an der Wanterpaus an no der Saison verschéckt!

Wien waren den Ender an den Arsène?



Als Luerenzweiler Jong, gebuer den 29 September 1945, huet den **André Federspiel** seng Lizenz 1962 beim FC Lorentzweiler gemaach. Den Ender huet säit der Saison 1962/1963 sechs Joer laang d'éischt Equipe am Mëttelfeld verstärkt. 1968 huet hien de Veräi kuerz gewiesselt, an 2 Saisons beim FC Schieren gespilt. 1970 ass den Ender awer erëm zrëck op Luerenzweiler an d'éischt Equipe komm, wou hien bis d'Saison 1983/1984 als Lénksféissler matgewierkt huet. Natierlech war den Ender och ëmmer do fir der 2. Equipe auszehëllefe war Samschdes Nout um Mann war.

Dem Ender seng grouss Passioun war awer ëmmer d'Jugend an de Nowuess am Fussball. Esou huet hien säit der Saison 1974/1975 ugefaangen d'Jugendequppen ze trainéieren. Den Ender huet vill jonk Spiller betreit a geprägt; ënnert anerem och säi Jong, de Ben, deen 1988 bei de Poussins gestart huet. Laang Jore konnt de Veräin op den Ender als President vun der Jugendkommissioun zielen.

Niewent sengem Engagement mat der Jugend, war den Ender och vill Joren am Comité vum FCL. Op et drëms gaangen ass d'Fëschfest z'organiséieren oder Coupes ze bestellen, op den Ender war ëmmer Verlooss. Sou huet hien seng Feierowenter a WeekEnder um Terrain vum FCL verbruecht, an d'Famill war natierlech mat dobäi. Desweidere war den Ender déi dreiwend Kraaft bei der Publikatioun vum FCL senger 50-Joer-Broschür, déi säi Stolz fir de Veräin ënnersträicht. Fir den Ender gouf e groussen Dram wouer wou, am Joer 2000, d'éischt Equipe an d'éischt Divisioun opgestigen ass. Leider konnt den Ender déi super Leeschtung vum FCL dat lescht Joer net méi materliewen. Den Ender ass den 23 Dezember 2020 verscheet. Den Ender a seng Merite bleiwen eisem Veräin ëmmer an Erënnerung erhalen.

Den **Arsène Koch**, e Luerenzweiler Jong, gebuer den 22 November 1948, huet seng Lizenz am Joer 1963 beim FC Lorentzweiler gemaach. Hien huet bei de Juniors am Veräin ugefaange mat spillen, an ass dem FCL seng ganz Fussballkarriär iwwer als Spiller a Member trei bliwwen. Vun der Saison 1965/1966 un, huet den Arsène an der 1. Equipe vum FCL am Stuerm matgespillt. Och wann d'zweet Equipe Samschdes Verstärkung gebraucht huet, konnt de Veräin sech op dem Arsène säin Asaz verloossen.

Dem Arsène war de Wee bis op den Terrain ni ze wäit, a genau ewéi säi Papp, de Robert Koch, war hien vill Joren Deel vum FCL sengem Comité. Dem Arsène seng Passioun fir de Fussball an de Veräin huet hien duerch säin Asaz a seng Efforte gewisen. Hien huet vill Zäit, Energie an Aarbecht an d'Amicale vum FCL gestach, fir de Veräi bei der Organisatioun vu Fester, Aktivitéiten an Evenementer ze ënnerstëtzen. Den Arsène war ëmmer aktiv fir de Veräin. Sou war hien och Deel vum Comité d'Organisation vum 50. Anniversaire vum FCL.

Den Opstig an d'éischt Divisioun am Joer 2000 konnt den Arsène nach materliewen a matfeieren. Leider huet hien mat 55 Joer de Kampf géingt eng schwéier Krankheet verluer, an domat huet de Veräin en treien an aktive Member vill ze fréi verluer. Dem Arsène säin Asaz a senger verschidde Rollen, wäert de Veräin ëmmer ze schätze wëssen.



Virwuert Madamm Buergermeeschtesch

In Memoriam Ender Federspiel an Arsène Koch

Esou laang vun engem geschwat an un ee geduecht gëtt, esou laang leeft ee weider, zumindest an der Erënerung vun deenen, déi ee gär haten.

Dofir felicitéieren ech eise FC Lorentzweiler, datt si all Joers en „Tournoi commémoratif“ zu Éieren vun engem vun hire verstuerwene Memberen organiséieren.

Wat wieren déi zwee stolz, den Ender an den Arsène, wann se den Opstig vun der 1. Ekipp an d'Éierepromotioun mat erlieft hätten.

An net nëmmen dat verbënnt déi zwee. Als motivéiert a gutt Spiller vun der 1ter an och emol vun der 2ter Ekipp, als Comitésmember sou wéi am Organisationscomité vum 50ten Anniversaire ware si allebéid ëmmer fir hire Futball um Dill.

Donieft huet den Ender sech als Jugendtrainer engagéiert, an den Arsène huet an der Amicale gehollef Fester organiséieren.

Bestuet mat de Gesëchter Denise a Colette Petré, haten si och privat vill matenee ze dinn an d'ganz Famill huet hir Weekender oft um Futballterrain verbruecht.

E grouse Merci dofir un d'Famillje Federspiel-Petré a Koch-Petré datt si, och iwwert den Doud vun hire Lëifsten eraus, de FC Lorentzweiler tatkräfteg ënnerstëtzen an d'Coupe vum „Tournoi commémoratif“ stëften.

Alle Bedeelegte wënschen ech e flotten a spannenden Tournoi an dem FC Lorentzweiler vill Erfolleg fir d'Saison 2023-2024. Besonnesch der 1ter Ekipp vill Succès an der Éierepromotioun an ech freeë mech op interessant Matcher.

Mir wäerten den Ender an den Arsène net vergiessen!



Marguy Kirsch-Hirtt

Buergermeeschter,

Gemeng Luerenzweiler



HEEMEKIPP



FC Lorentzweiler

Hënnescht Rei vu lénks no riets: Lex LEESCH, Jeff HEIRENS, Raphael DE SOUSA, Patrick NEVES, Daniel LOPES, Paddy FUNCK, Joel MAGALHAES, Dany GONCALVES

Mëttelst Rei vu lénks no riets: Lucas BARRETO, Khalid ABI, Samuel PEREZ CASTILLO, André DE OLIVEIRA LOBATO, Marvin EISENMENGER, Alain THUNUS, Tim WILTGEN, Andrea MORO, Rafael CORDEIRO, Amine HAMOUNI, Nelson RODRIGUES AFONSO

Viischt Rei vu lénks no riets: Ailton Junior MORENO TAVARES, Cleidir NEVES, Gabriel ARGANARAS, Sami BAKIRI, Nuno LAUREANO, Aaditya PATTABIRAMAN, Davide COLOMBO, Alessandro SCANZANO, Mikael MADEIRA, Sergio TEIXEIRA, M'Bemba TOURE

Et feelen de Fernando PEREIRA SOARES
an de Pit FEHLEN

Eis Gäscht



FC Berdenia Berbourg



CS Grevenmacher

Eis Gäscht



FC Yellow Boys Weiler-la-Tour



